ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Maacht endlech eppes:

E Burkas-Gesetz läit fäerdeg am Tirang!

Pressematdeelung vum 22. November 2017

D'Gambia-Regierung ass alt nees eng Kéier beim Staatsrot bäigelaf: dës Kéier mat hirem Burkas-Gesetz. Si wollt d'Burka net generell verbidde mee punktuell an ass dru gescheitert, ze definéieren, wou a wéini si dat genee géing wëllen. Domat a mat der Virstellung, datt een je no Situatioun dat Gezei kéint un- an ausdoën, wéi d'Gesetz et verlaangt, huet Gambia sech alt nees blaméiert.
Dobäi hat si zënter dem 16. Juli 2014 de Gesetzvirschlag Nummer 6705 vum Fernand Kartheiser am Tirang, deen de Staatsrot och den 13. Juli 2015 (!) schonn aviséiert huet, ouni iergend eng formell Oppositioun ze maachen. Den Text baséiert op deem franséische Gesetz, dat vum Europäesche Mënscherechtsgeriichtshaff den 1. Juli 2014 als konform zu der europäescher Mënscherechtskonventioun erkläert ginn ass.
D'ADR fuerdert duerfir, datt de Gesetzvirschlag Nummer 6705, deen zënter iwwer zwee Joer bei der juristescher Kommissioun am Tirang läit, séier op d'Dagesuerdnung geholl a finaliséiert gëtt ... an zwar am Sënn vun de Schlussfolgerunge vum Staatsrot, deen d'Deputéierte virun hir politesch Verantwortung stellt, wat e Burka-Verbuet ugeet.

ADR – Groupe parlementaire 22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745